

och, getrei zu dene Prinzipiën, déi Onméiglechkeet fir Kanner fir en aneren Numm ze hu wéi d'Geschwëster oder fir deen Numm ze änneren am Laf vun hirem Liewen.

### 5. Accueil de M. Philippe Séguin, Président de l'Assemblée Nationale française, accompagné d'une délégation parlementaire

**Mme la Présidente.** - Chers collègues, je vous propose d'interrompre nos travaux ici pour accueillir dans notre enceinte M. Philippe Séguin, Président de l'Assemblée Nationale française.

M. le Président, permettez-moi de vous dire combien votre visite nous honore et nous flatte. Vous êtes le premier Président de l'Assemblée Nationale française à nous rendre visite, et, au nom de nous tous, je vous souhaite une cordiale bienvenue.

Dans de multiples domaines, la France, conforme à sa vocation universelle, a instruit et guidé mon pays : le droit, la culture, l'éducation, la langue et les lettres. Les liens historiques qui depuis toujours unissent nos deux nations nous ont fait traverser maintes épreuves ensemble et fait vivre des moments intenses - pas toujours dépourvus de tensions - mais qui ont scellé définitivement une amitié que nos relations diplomatiques, politiques, parlementaires, économiques ou tout simplement humaines ne sont venues que renforcer.

Nous saluons en vous, Monsieur le Président, l'homme politique ayant le courage de ses convictions, mais aussi l'écrivain passionné d'histoire. Dès votre arrivée sur le perchoir, vous vous êtes efforcé à rendre à l'institution parlementaire sa crédibilité et sa dignité.

Vos réflexions sur l'Europe du futur rappellent sans cesse la grande idée de Robert Schuman, qui nous est si proche, et votre appréciation du Traité de Maastricht, souvent mal interprétée, d'ailleurs, relève le défi à l'égard de ceux qui hésitent à s'ouvrir à cette nouvelle situation après la chute du mur de Berlin et de l'effondrement du bloc soviétique.

Vos paroles sont dures à l'égard de ceux qui hésitent. Pourquoi transformer et dégrader l'idée d'Europe en une association de pays riches, demandez-vous. Et je continue de vous citer :

« Fermer la porte est une erreur pour une seconde raison encore, d'ailleurs élémentaire : une famille nombreuse et rassemblée est beaucoup plus puissante, créatrice, confiante dans l'avenir, qu'une famille réduite, frileusement repliée sur ses réserves de change, et qui vieillit à vive allure en gardant un oeil sur les cours de la bourse, l'autre sur son compte en banque. Construire la petite Europe autour des petits sous, c'est rabougir par deux fois la grande idée ! »

Votre vision est celle de la générosité, de la solidarité à l'égard de ceux qui risquent l'exclusion à cause de leur situation sociale et de l'engrenage où le chômage entraîne des familles et des régions entières.

Enfin, vous avez dit haut et fort que nous ne pouvons avancer sans tenir compte du rôle que jouent les parlements nationaux. Votre visite, trop brève hélas, nous a rappelé que les parlements jouent en effet un rôle non négligeable, mais souvent méconnu, et que des visites comme celle dont vous nous honorez aujourd'hui nous donnent l'occasion de le confirmer et d'approfondir les questions qui nous amènent à réagir ensemble, à l'unisson, en face des conflits et problèmes à résoudre.

Soyez-donc le bienvenu, Monsieur le Président, et sachez que la France reste très près de notre coeur.

(Applaudissements)

### 6. Proposition de loi 3873 de Mme Lydie Err instaurant le libre choix du nom patronymique des enfants (suite)

La parole est au premier orateur inscrit, l'honorable M. Lucien Weiler.

*Discussion*

**M. Lucien Weiler (CSV).** - Mme Presidentin, dir Dammen an dir Hären. D'Mme Err, déi hir Proposition de loi developéiert huet, huet à juste titre déi heite Proposition an Zesammenhang gestallt mat der Proposition, déi d'Mme Brasseur deposéiert huet iwwer d'Inskriptioun op d'Wielerlëschen.

Bei denen zwou Propositionen as de Souci vun den Auteurs, fir eng Diskriminatioun aus der Welt ze schafen an deem Sënn, wou Männer a Frae solle gläich Rechter hun, an nët ëmmer nees d'Dominanz vum Mann ervirgestrach soll gin.

Mir als Fraktioun hun, wat dës Proposition de loi ubelaangt, manner strong Feelingën wéi mat där vun der Mme Brasseur an deem Sënn, wou dës Proposition all Méiglechketen opléisst.

Wa mir géifen d'Proposition vun der Mme Err unhuelen, da wär et esou, dass déi zwee Elteren, dat heescht Mann a Fra, sech géingen eens maachen au moment vun der Gebuert vum Kand, wann et ugemellt gët op der Gemeng, wéi een Numm datt et kritt.

Mme Err, ech muss iech soen, d'CSV-Fraktioun as der Menung, souguer wa mir dee Projet stëmmen, dass deen eng Inzidenz kritt déi quasi zéro as, well mir iwwerzeegt sin, datt 99% vun de Lëtzebuerger sech weiderhin, esou wéi d'Traditioun zënter honnert Jor an deem Land hei as, an Zukunft wärten decidéiere fir den Numm vum Papp, vum Mann. Dat as an eisen Traditione verwuerzelt. Déi Tradition wärte mir och duerch dës Proposition nët brieche.

Et geet hei ëm een absolut onwesentlechen Deel vu Leit, a mir hun ons d'Fro gestallt, ob een dene Leit, déi aus denen Traditione wëllen ausbrieche an déi eng aner Solution wëlle wielen, nët soll d'Méiglechkeet gin, d'Fräihet gin, fir ze decidéiere wéi se wëllen.

Wann ech soen, mir hun nët vill strong Feelingën, dann as et well mir iwwerzeegt sin, wéi och bei der Proposition vun der Mme Brasseur, wat d'Inskriptioun op d'Wielerlëschen ubelaangt...

(Interruption)

Mir hun eis gewiert, well mir nët wëllen, dass déi Fraen, déi elo während Joren a Jorzéngten ënnert dem Numm vun hirem Mann op de Wielerlëschte stongen, elo misste vun engem Dag op deen aneren an d'Wielerlëschten ageschriwwen gin ënnert hirem Mederchersnumm, an och well 98% vun de Fraen dat nët wëllen.

Wann an deem Land hei e puer Damme sin, déi mengen, datt si aus irgendwelleche Grënn do aner Feelingën hun, da geet et awer nët un, datt mir der ekraanter Majoritéit vun de Fraen am Land eppes zoumudden, wat se absolut nët wëllen.

Wat déi Proposition ubelaangt, bewege mir eis op ee Kompromiss zou.

Wat dës Proposition ubelaangt, do gi mir déi un de Conseil d'Etat weider. Mir kucken emol, wat de Conseil d'Etat seet.

Ech hun aus der Mme Err hirem Exposé eraushéieren, dass se sech selwer nët zevill Illusioune mécht, datt déi hei Proposition an nächster Zäit an engem konkrete Vote endegt.

Mir als Fraktioun si gäre bereet ze diskutéieren, well mir iwwerzeegt sin, datt an der Praxis dës Proposition nët vill Suité kritt. Et as iwwregens opfalend, mat Ausnam vun Italien, Spuenien, Portugal, Griichenland, dass et nëmme jhust Däitschland as, dat bis haut eng Reglementatioun an deem do Sënn huet.

Ech liesen an der Proposition de loi: « En France, une proposition de loi déposée le 25 mai 1989 par Jean-Louis Masson vise à compléter l'article 1<sup>er</sup> de la loi du 6 fructidor an II de la manière suivante: "Le nom exprimé dans l'acte de naissance est celui du père ou celui de la mère". »

Et as a Frankräich ee Virstouss. D'Belsch, Holland, esou wäit ech weess, hun dat do nët. Dat wëllt awer nët ausschléissen, datt mir et nët kënne maachen.

Ons Fraktioun kuckt mat ganz vill Geloossenheet déi Proposition vun der Mme Err. Mir waarden den Avis vum Conseil d'Etat of, an dann diskutéiere mir weider.

Ech soen Iech merci.

**Mme la Présidente.**- La parole est à l'honorable M. Rippinger.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Mme Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Ech fülle mech nët besonnesch beruff am Numm vun der DP-Fraktioun zu deem Thema hei ze schwätzen, mais le hasard fait parfois bien les choses, d'Mme Brasseur, déi am Fong geholl méi beruff as wéi ech, fir zu dësem Punkt ze schwätzen, kann dat haut nët, well se am Ausland as. Ech wëll jhust kuurz e puer Observatioune maachen.

Mir schéngt dat hei e bësschen eng Alibi-proposition ze si fir bestuete Fraen. Dat bréngt am grouse ganzen nët vill Neies. Besonnesch nët wann ee kämpft fir d'Gläichheet tëschent Mann a Fra, sin ech der Meinung, dass dës Proposition de loi kee grouse Beitrag as, fir déi Gläichheet tëschent dem bestuete Mann an der bestuete Fra ze erreechen.

Ech sin awer ganz besonnesch erstaunt, dass mäi Virriedner déi Proposition gutt fënt, déi aus der Majoritéit kënnt, an déi higeet op Gläichheet tëschent Mann a Fra, an déi vun der Mme Brasseur iwwer d'Inskriptioun an d'Wielerlëschten, déi soll da manner gutt sin.

Ech notéieren nëmme dass d'CSV-Fraktioun, besonnesch hir Verrieder an der Commission juridique absolut d'accord ware mat der Proposition, déi vun der Mme Err gemaach gin as. Si sin zréckgepaff gi vun hirem Minister, deen eng aner Proposition gemaach huet.

Elo kënnt een Amalgam vun där enger an där anerer Proposition, esou dass mir wäit ewech si vun där initialer Proposition, mat där mir an der Kommissioun alleguer d'accord waren.

Ech sin der Meinung, dass dat hei een onwesentleche Beitrag as fir d'Gläichheet tëschent der bestuete Fra an dem bestuete Mann. Et gët zu dësem Zäitpunkt, a méngen Aen, vill méi grouse Problemer fir d'bestuete Fra, wou hei eng Rei vun Damme sech besonnesch kënnten asetzen, besonnesch déi an de Majoritéitsparteien, fir dat ze erreechen.

Ech erënneren nëmme un de Chômage vun de bestuete Fraen.

Ech erënneren un de Splitting vun de Renten.

Ech erënneren un d'Steiere vun de Familles monoparentales, vun de geschetene Fraen, déi bestrooft si gin, well se gescheet sin, vun de Witfraen, déi bestrooft si gin, well se Witfra sin.

Do kënnt Dir hei vill méi schaffe fir d'bestuete Fraen, wéi dass Dir op eemol heihikommt, an Dir wëllt de Kanner, déi nach kee Consentement kënne gin, déi nach nët kënne soen, wat fir een Numm se herno wëllen, eppes imposéieren.

Et as eng Traditioun, den Här Weiler huet et gesot, déi iwwer 100 Jor al as, an déi wëllt Dir domat brieche.

Do muss ech soen, et gi Limiten, och do. Et soll een nët exagérieren. Et soll ee virun allem an eise Lëtzebuerger Land d'Traditioune konsideréieren an déi Leit nët culpabiliséieren, déi un denen Traditiounen hängen. Dat fannen ech, dat gët mat engem Fiederstréch op eemol gemaach.

Mir falen an een aneren Extrem, dee vun der Feminisatioun vum Vocabulaire. Fir d'eischt gët gesot, et as alles männlech. Et as de Rapporteur, et as nët d'Rapporteuse. Et as « le procureur », nët « la procureur ».

Elo fänke mir u wierklech an deen aneren Extrem ze falen, d'Feminisatioun vun dem Vocabulaire ze maachen.

Ech wëll ofschléissen andeem ech de Maurice Druon zitéieren, deen de Secrétaire vun der Académie française as, deen déi Questioun regléiert huet duerch eng Deklaratioun, déi en de 14. Juni 1984 gemaach huet:

« Le genre dit "masculin" est un genre non marqué, qui a la capacité de représenter à lui seul les éléments de l'un et de l'autre genre. A l'inverse le genre "féminin" est un genre marqué. Il institue entre les êtres animés une ségrégation, de sorte que son emploi devrait être soigneusement évité par ceux et celles-là qui prétendent vouloir abolir toute intégrité professionnelle entre les sexes. »

(Interruption)

**Mme la Présidente.**- Vous n'êtes pas d'accord, Mme Lentz.

La parole est à l'honorable M. Geisbusch.

**M. Jean Geisbusch (GAP).**- Mme Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Dir wärd mech entschëllegen, dass ech nët an dat Schenkelklopfen vu méngen zwee Virriedner afalen.

Ech ënnerstëtzen nämlech der Mme Err hir Proposition de loi. Ech sin och mat hir d'accord, dass et aus symbolesche Grënn wichteg gewiescht wir, wann déi Proposition de loi gëschter diskutéiert gi wir.

Ech kann hir och soen, an dat bestärkt se vläicht, fir op deem do Wee weiderzefueren, dass gëschter Owend am Cercle an der Stad eng ganz flott an interessant Diskussioun ronderëm hir Proposition de loi war, wou de Pour an de

Contre diskutéiert gi sin haaptsächlech vu Fraen, a wou och Magistratinne gemengt hun, et kënnt een et esou loosse wéi et wir, well de Code Napoléon d'Méiglechkeet opléisst, fir de Kanner den Numm vun der Mamm ze gin.

Ech hun inhaltlech wéineg bäizeflécken zu deem, wat d'Mme Err gesot huet. Ech sin der Meinung, dass déi Proposition de loi een absolut noutwendege Schrëtt um Wee vun der Gläichstellung vu Fra a Mann as, fir endlech mat där konservativer Praxis an enger soi-disant tradition ancestrale ze brieche, an denen de Familjennumm vun de Kanner automatesch dee vum Papp as.

Ech ka vläicht do eng Klammer opmaachen. Wann een emol där Saach vun der Tradition ancestrale noheet, wou Lëtzebuerg sech 1988 bei der Ratifizierung eng Extrawurscht brode gelooss huet fir d'Konventioun vun 1979 ze iwwerhuelen, a wann ee mat Juristen a Juristinnen schwätzt, as do eng Majoritéit déi mengen, dass déi Dérogation absolument nulle wir. Dat heescht, dass et och vläicht emol derwäert wir, fir dogéint ze kloen.

*(M. René Kollwelter prend la Présidence)*

Ech wëll jhust ee Punkt, well ech souwéisou nëmme wéineg Zäit hun, undiskutieren. Et as deen, wou d'Mme Err proposéiert, dass bei Désaccord vun den Elteren d'Lous soll entscheden.

Do kann ech hir vläicht de Barometer soen, wéi dee gëschter war, dass eng Majoritéit vu Fraen déi Léisung nët ganz glécklech fannen.

Ech sin och der Meinung, dass deem esou as. Ech verstin der Mme Err hir Absicht, fir duerch een objektiven, nët diskriminatoreschen Kritär eng méiglechst grouss, wéi si dat nennt, « égalité des sexes » wëllen ze erreechen.

Déi Léisung as mir dach awer zevill zoufallsbedéngt, an nët op eng Kompenséierung vun där jorhonnertenaler patrilinealer Tradition ancestrale ausgeriicht.

Do schéngt mir dach dee schwedesche Modell, a si schwätzt deen och un an hirem Exposé des motifs, besser ze sin, well e besser un d'Situatioun vu ville Fraen ugepasst as.

Dat heescht, fir déi, déi et nët gelies hun, wann no sechs Méint nach keng Décisioun getraff as, da kritt d'Kand automatesch den Numm vun der Mamm. Vü dass d'Schedungszeelen an d'Zuele vun Elengerzéierinne kontinuéierlech an d'Luucht gin, fannen ech et méi sënnavoll, dem Kand am Zweifelsfall den Numm vun där Persoun ze gin, déi him am nooste steet, an dat as an der Praxis - et kann een do soe leider - meeschtens d'Mamm.

*(Interruption)*

Een anere Punkt as deen, dass psychologesch et aus der Siicht vu ville Fraen zimlech delikat as, wa se dauernd duerch den Numm vum egene Kand un eng futtis Bezéiungskëscht erënnert gin.

Alles an allem - well méng Zäit esou kuurz as, well soss hätt ech nach e puer aner Saache kënne derbäiflécken - wënschen ech der Mme Err a besonnesch der Weiderentwécklung vun der Demokratie an deem Land, dass dës Proposition de loi esou séier wéi méiglech op den Instanzewee geet an an deem Haus kann zur Ofstëmmung kommen.

Ech maache mir keng Illusiounen. Wann ech méng Virriedner héieren, fäerten ech, dass wann dës Proposition de loi an de Conseil d'Etat geet, dee bekanntlech ee Männer-

gremium mat enger Alibifra as, dass do d'Schenkelklopfe weidergeet, an dass d'Proposition de loi am Tirang verschwénnt.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- D'Wuert hätt elo nach d'Regierung, mä déi huet anscheinend zu dësem Thema keng Kommunikatioun ze maachen.

Da géif ech Iech proposéieren, fir zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour ze kommen, nämlech d'Proposition de loi 3875 iwwer d'Restrictioun vun der Publicitéit vis-à-vis vun den Autoën. Den Auteur vun dëser Proposition de loi as den Här Jean Geisbusch.

Här Geisbusch, Dir hut d'Wuert.

## **7. Proposition de loi 3875 de M. Jean Geisbusch portant restriction de la publicité en faveur des véhicules automoteurs**

**M. Jean Geisbusch (GAP), auteur.**- Här Vize-President, dir Dammen an dir Hären. Wéi den Här Vize-President scho gesot huet, geet et hei ëm eng Proposition de loi, déi d'Publicitéit fir e Véhicule automoteur, engersäits verbitt, an anersäits aschränkt a reorientéiert.

Ech kann direkt vläicht agangs soen, dass déi Proposition de loi sech ganz no um Gesetz vum 24. Mäerz 1989 iwwer d'Restrictioun vun der Publicitéit fir Tubak an Tubaakswueren orientéiert, dass et also eng ganz realistesch Proposition de loi as, déi absolut nët beabsichtigt, d'Werbung fir Autoën ze verbidden, mä déi versicht, fir se ze reorientéieren an anzeschränken.

Ech kann Iech éierlech zougestoen, dass och an den egene Reie Kritik opkoum géint dës Proposition de loi. Ech sin awer der Meinung, wann een eng Proposition de loi mécht, da soll se minimal realistesch sin, fir dass et méiglech as, dass se eben hei d'Klippe vum Instanzewee eventuell eng Kéier kënnt huelen.

Si beabsichtigt also nët méi an nët manner, wéi e Mosaiksteen ze si bei der Entmystifizierung vum Auto.

Et soll duerch dës Diskussioun opgewise gin, dass den Auto nët nëmmen e Mobilitéitsmëttel as, mä dass den Auto och kann e Bumerang gin. An ech gin Iech dofir jhust e puer Zuelen.

- D'Käschte vun den Autosakzidenten, also vun den Akzidenten op der Strooss, dépasséieren all Joer d'Zomm vun 8 Milliarden. Dat mécht 2,4% vum PIB aus.

- Eng aner Zuel: Vun 1947 u sin hei am Land 3.500 Persounen op der Strooss ëmkommen.

Am Livre blanc « Santé pour tous » vum Ministère vun der Santé stellen d'Auteurs fest, dass d'Autosakzidenten nach ëmmer responsabel si fir dee gréissten Deel vun der « mortalité par traumatisme ».

- Dësweidere sin an der « tranche d'âge » vu 15 bis 24 Joer d'Autosakzidenten 66% vun den Doudesfäll.

Ech kënnt eng ganz Rei weider Beispiller opzielen.

Et geet also an dëser Proposition de loi absolut nët drëm, fir d'Autofueren ze kriminaliséieren. Et geet och nët drëm, fir e moraleschen Zeigefanger ze maachen. Et geet drëm, fir besser ze informéieren an ze erreechen, dass d'Leit méi verantwortungsbewosst mat där potentieller Waff, déi den Auto duerstellt, ëmgin.